# Abrëll 2008 N°18



# Fëschber Gemengeblat

Layout: Ren Spautz

Redaktion: Dany Hermes, Andrea Wagner, Georges Brosius, Marc Kolber, Roland Miny, Ren Spautz

Korrektur: Andrea Wagner, Frank Weyrich

Mitarbeiter: Angela Bräutigam, Patrick Delmarque, Marianne Brosius-Kolber, Jerry Kirtz, , Patrick Malget, Mike Daems, Luss Brosius, Mich Daehms, Charel Thilgen, Dagmar Weitzel, Chantal Conrad, Manon Mentgen, Frank Daems, Paul Daems, Oktavie Peiffer, Marie-Louise Haas

Druck:
Faber-Print services & solutions Mersch

Seite 1: Grünspecht
Seite 2: Inhaltsver. & Virwuert
Seite 3: Eltere sinn....
Seite 4: Hochzäit Rita a Bepo
Seite 5: Gemengesëtzung
Seite 6: Gemengesëtzung
Seite 7: Soirée amicale
Seite 8: Fussballtournéier
Seite 9: Gaart & Heem, 40 Joer
Seite 10: Kannerfuesbal
Seite 11: Heeschen a Liichten
Seite 12: Buergbrennen
Seite 13: Des Rätsels Lösung
Seite 14: Renault 4L Trophy
Seite 15: Renault 4L Trophy
Seite 16: Gemengesëtzung
Seite 17: Concert zu Fëschbech
Seite 18: Mierscher Lieshaus
Seite 19: BIO-Owend
Seite 20: Theater
Seite 21: Maison Relais
Seite 22: Jugendpompjeeën
Seite 23: Jugendpompjeeën
Seite 24: Jugendpompjeeën
Seite 25: Porfest & Chris. Molitor
Seite 26: Generalversammlung Ent.
Seite 27: Grouss Botz
Seite 28: Kommiounsfeier

Titelphoto: Grünspecht im Garten von Familie Hermes aus Angelsberg. Foto von Dany Hermes

Redaktionsschluss für Blat 19 ist der 4. August 2008.

# Virwuert

Léif Biergerinnen a Bierger!
Zanter zwee an engem halwe Joer ass den neie Gemengerot elo um schaffen. Et gëtt Zäit fir e kuerze Bilan ze maachen, awer och en Ausbléck op all déi Aarbechten, déi nach op eis duerkommen.

Am November 2005 hu mir ugefaangen, eis an Dossieren eranzeschaffen, hunn Aarbechten ofgeschloss, a Projeten fir eis Gemeng entwéckelt. Fir eis dräi war dat Ganzt wierklech Neiland, well virdrunn nach kee vun eis an engem Schäfferot geschafft huet. Ganz séier hu mir gesinn, wéi bescheiden eis finanziell Mëttele sinn, a mir hunn no Weeër a Méiglechkeete gesicht, eise Bierger trotzdeem eng Panoplie vu Servicer ubidden an ausbauen ze kënnen.

Wat fir eis ëmmer prioritär war an och an Zukunft wäert bleiwen, ass déi Tatsaach, datt mir eis fir eng Majoritéit vu Bierger/innen wëllen asetzen. Datt dobäi heiansdo en Eenzelne mengt, hie kéim net zu sengem, ass leider net vun der Hand ze weisen. Dat mecht eis net frou a fir den Eenzelnen ass et net ëmmer agreabel. Mir wäerten awer weider den allgemengen Interessi iwwert dem Eenzelnen säi stellen an dat mat beschtem Wëssen a Gewëssen. Dat ass déi Missioun, fir déi mir gewielt goufen!

Et ass eng Réalitéit, datt ëmmer méi Elteren op eng Betreiungsstruktur ugewise sinn, an d'Zuel vun deene fir den Hierscht ageschriwwene Kanner gëtt eis Recht! Nei Strukturen a Servicer mussen awer och finanzéiert ginn. Esou en Ugebuet kënne mir awer nëmmen halen, wann eis Gemeng sech progressiv entwéckelt. Dat heescht awer och, datt eis Awunnerzuel deem muss gerecht ginn, soss kann et sinn, datt an e puer Joer ërem zeréckgeschraubt gëtt, well et finanziell net méi ze droen ass oder den Effektiv an eise Strukturen net méi grouss genuch ass fir se weider ze rechtfertegen.

Jiddereen muss sech dat gutt iwwerleeën, wann e géint e Wuessen oder eng Gemengefusioun ass. Eis Verantwortung ass et, fir eng liewenswäert Zukunft vun eise Gemengenawunner ze plangen, an dat net nëmmen op eng kuerzfristeg, mee vir un allem op eng mëttel- a laangfristeg Entwecklung hin. Wou wëlle mer an der Zukunft stoen? Firwat sollen eis Awunner op Servicer a Strukturen verzichten, déi an anere Gemengen net méi ewech ze denken sinn? Kleng Eegeninteressen a kuerzfristegt Denken sinn hei fehl op der Plaz! Déi Leit, déi sech dëser Entwécklung entgéint setzen, sollen dann awer och d'Verantwortung fir esou eng Zukunft iwwerhuelen! Dat zielt fir vill Servicer an Aufgaben vun enger moderner Gemeng.

Mir hu ganz vill Waasser, awer mir sinn de Moment ouni déi néideg Infrastrukturen fir dëse Räichtum ze notzen. Also musse mir méi wäit kucken an och do mat anere Partner zesummeschaffen, fir e gemeinsamt Verdeelungsnetz opzebauen, vun deem regional profitéiert ka ginn an net nëmmen vun enger Minoritéit. Och eis Gemeng huet um regionale Plang eng Kollektivverantwortung! Och dëst wëlle verschidde Leit villäicht anescht gesinn.

Vum September un kënne mir e Bummelbus fir all eis Bierger aféieren. Wann een dat zu zwou Gemenge mécht, bezuelt ee just den halwe Präis. Ausserdeem huet een da vill méi Méiglechkeeten, fir sech un all déi aner öffentlech Verkéiersnetzer unzebannen. Dëst ass e weidere, grousse Virdeel fir d'Mobilitéit vun eisen Awunner a fir un allem vun eise jonke Matbierger!

Fir eis ass et kloer datt mir op dem ageschloene Wee wëlle weiderkommen, mir hoffen är Ënnerstetzung an ärt Verständnis och weiderhinn ze hunn. Mir freeën eis iwwert all konstruktiv Uregungen a Gespréicher an desem Sënn.

Äre Schäfferot

# Eltere sinn a Partner bleiwen

Das Mierscher Lieshaus organisierte im Dezember gemeinsam mit der Gemeinde Fischbach eine Konferenz zu diesem aktuellen Thema.
Die Zahl der Ehescheidungen ist in den letzten Jahren beständig gestiegen und liegt mittlerweile bei 50 %, Tendenz steigend. Insbesondere junge Paare gehen häufig einige Jahre, nachdem sie Eltern geworden sind, wieder auseinander.
Die Hebamme Michèle Finck, selbst langjährige Partnerin und Mutter von drei zum Teil schon erwachsenen Kindern, erläuterte in einem anschaulichen Vortrag, basierend auf wissenschaftlichen Erkenntnissen und ihren eigenen Erfahrungen in der täglichen Praxis, welche Klippen es in einer Partnerschaft zu umschiffen gilt, damit sie ein Leben lang hält. Denn, wie Michèle Finck anhand statistischen Materials belegen konnte, auch in einer neuen Partnerschaft tauchen die alten Konflikte recht schnell wieder auf und führen zur Trennung, wenn die Probleme nicht erkannt und ihnen entgegengewirkt wird. Paare, die allein in ihrer Elternrolle aufgehen und darüber die Partnerschaft vernachlässigen, leben sich auseinander und haben sich über kurz oder lang nichts mehr zu sagen.
Der gesellschaftliche Wandel hin zur Gleichberechtigung von Mann und Frau bringt es mit sich, dass gemeinsam nach Wegen zur Bewältigung von beruflicher Karriere, Kindererziehung und Haushaltsarbeit gesucht werden muss. Auch Hobbies und gemeinsam verbrachte Freizeit dürfen nicht zu kurz kommen, damit die Partnerschaft und damit letztendlich auch die Familie, funktionieren kann.
Die zahlreichen ZuhörerInnen bewiesen großes Interesse am Thema und konnnten einige Ideen, Anregungen und Tipps, wie sich Elternrolle und Partnerschaft leichter in Einklang bringen lassen, mit nach Hause nehmen.
Wer das Thema vertiefen möchte, findet im Lieshaus interessante Bücher zur Paarbeziehung.







| **Autor** | **Titel** | **ISBN** |
|---|---|---|
| BEER Ulrich | **Liebe Eifersucht und Treue. Das magische Dreieck** | 3-478-08513-6 |
| BIERHOFF/ROHMANN | **Was die Liebe stark macht** | 3-499-61669-6 |
| BRAIKER Harriet | **Giftige Beziehugen. Wenn andere uns krank machen.** | 3-596-12947-8 |
| COLLANGE Christiane | **Der gerupfte Pascha oder Adam, was nun?** | |
| DOUBECK Katja | **Das Geheimnis glücklicher Paare** | 3-499-60949-5 |
| GRAY John | **Männer sind anders. Frauen auch.** | 3-442-16107-* |
| GRAY John | **Les hommes viennent de Mars, les femmes viennent de Vénus** | 2-290-33672-6 |
| HERMANN Eva | **Das Eva Prinzip. Für eine neue Weiblichkeit** | 3-86612-062-1 |
| KANE Ariel & Shyha | **Das Geheimnis wundervoller Beziehungen** | 3-89385-464-9 |
| LAMBERT Willi | **Wovon die Liebe lebt. Eucharistie und Lebenskultur** | 3-429-02680-6 |
| LEHNERT Volker & Felicitas | **EHE wir uns verlieren. Wenn Paare Eltern werden.** | 3-7615-5185-1 |
| LEHNERT Volker & Felicitas | **Ehe der Zoff uns scheidet** | 3-7615-5124-X |
| WIEK Wilfried | **Männer lassen lieben. Die Sucht nach der Frau** | 3-7831-0880-2 |
| ZURHORST, Eva-Maria | **Liebe dich selbst und es ist egal, wen du heiratest** | 3-442-33722-4 |

Text: Angela Bräutigam / Fotos: Andrea Wagner

Ech begréissen Iech zwee ganz häerzlech haut hei op dësem 14. Dezember bei eis zu Fëschbech op der Gemeng. Dir kommt den Nomëtteg heihinner fir Iech ze bestueden.
Wat heescht dat haut an eiser Zäit??
Firwat soll een mat engem an deem selwechte Partner esou eng Verbindung agoen??
Wat bedeit et fir jidder eenzelnen vun Iech a wat fir Iech zwee zesummen??
Firwat soll een sech iwwerhaapt bestueden??
Dir zwee hutt Iech ganz bestëmmt vill Gedanken dozou gemaach, an Dir hutt Är Décisioun geholl.
Dofir sidd Dir haut den Nomëtteg hei. Ech wëll Iech a menger Eegenschafft als Buergermeeschtesch e puer Gedanken mat op de Wee ginn.
Rezepter, fir dass esou e Mariage fonctionnéiert, ginn et net.
Dir sidd sécher räif genuch ze wëssen, dass den Himmel net ëmmer esou himmelblo ass, an de Bréll duerch deen een säi Partner kuckt bleift och net ëmmer rosa.
Et kënnt net drop un, een deen aneren ëmmer erëm ze kucken, mee zesummen an déi selwecht Directioun ze kucken.
An dëser Ausso läit menger Meenung no ganz vill.
Dir maacht Iech haut op ee laange Wee.
Iwwert all deene Problemer vum Alldag sollt Dir Äert Zil net aus den Ae verléieren. Wéi dat Zil ausgesäit, geet keen eppes un, Dir définéiert dat ganz aleng als Koppel.
Vläicht changéiert emol een den Tempo, vläicht geet et engem e bësschen ze séier oder ze lues, een aleng wëll e klengen Ëmwee maachen. Dat alles ass wichteg a muss erlaabt sinn. Keen soll deen aneren a senger perséinlecher Entwécklung bremsen. Nëmmen dann, wann ee sech perséinlech entfaalt, kann och eng Partnerschaft wuessen a räifen. Dat wënschen ech Iech vu ganzem Häerzen.

Text: Marianne Brosius-Kolber / Fotoen: Ren Spautz

# Rita a Marco Karier-Berens

## Hir Hochzäit, de 14. Dezember 2007











# Compte-rendu de la réunion du conseil communal du 18 décembre 2007

Présents: M/Mme Brosius-Kolber, Braun, Karier, Kraus, Trausch, Spautz, Spiewak-Lorang

Est approuvé à l'unanimité le devis relatif aux travaux **d'aménagement du chemin rural « Op Lewend » à Angelsberg** au montant de 33.350,00 € ttc, dressé le 31/10/2006 par l'Administration des Services Techniques de l'Agriculture de Grevenmacher, projet no 200256.1

Est approuvé à l'unanimité le devis relatif aux travaux **d'aménagement provisoire de la maison relais dans l'école centrale à Angelsberg** au montant de 180.000,00 € ttc, dressé le 29/11/2007 par l'ingénieur-technicien de la Commune de Fischbach.

Est approuvé à l'unanimité le devis relatif aux travaux ***de transformation du presbytère d'Angelsberg en immeuble*** au montant de 200.000,00 € ttc, dressé le 29/11/2007 par l'ingénieur-technicien de la Commune de Fischbach.

**Sont approuvés à l'unanimité les actes notariés relatifs à la cession gratuite d'emprises**

- acte notarié no 465/07 entre la Commune de Fischbach et H.M. Réalisation concernant les emprises du PAP « Um Waeschbuer » à Fischbach
- acte notarié no 466/07 entre la Commune de Fischbach et Monsieur Nicolas Brosius concernant les emprises du PAP « rue de Meysembourg » à Angelsberg

Est approuvé à l'unanimité la **convention d'une servitude de passage** du 8 novembre 2007 conclue entre l'Administration communale de Fischbach et les propriétaires respectifs concernant l'accès aux propriétés des maisons 2a, 4a, 4 et 6, rue de Mersch à L-7410 Angelsberg permettant à l'Administration communale de garantir l'entretien et le bon fonctionnement de la canalisation passant derrière ces maisons.

Est approuvé le **compte de l'Office Social de l'exercice 2004** présentant un boni de 8.232,48 EUR.

Est approuvé le **compte de l'Office Social de l'exercice 2005** présentant un boni de 1.233,62 EUR.

Le conseil approuve à l'unanimité le budget rectifié de 2007 et le budget de 2008 présenté par l'Office social de la commune de Fischbach.

Lors du renouvellement partiel de l'Office social Madame BROSIUS-KOLBER Marianne, domiciliée à Schoos, 5, rue de Rollingen est nommée membre de l'Office Social pour la période de 5 ans.

Est approuvé le budget rectifié de 2007 avec un boni de 988.604,39

Est approuvé le budget de 2008 avec un boni de 86.897,54 EUR.

| | **Service ordinaire:** | **Service extraordinaire:** |
|---|---|---|
| Total des recettes: | 2.452.170,00 € | 218.520,66 € |
| Total des dépenses: | 2.001.198,40 € | 1.570.199,11 € |
| Boni propre à l'exercice: | 449.971,60 € | -1.351.678,45 € |
| Boni présumé fin 2007: | 988.604,39 € | |
| Boni général: | 1.438.575,99 € | |

Boni définitif 2008: 86.897,54 €

Ci-après figurent les montants les plus importants concernant les études et travaux extraordinaires imputés sur l'exercice 2008 :

| | |
|---|---|
| Acquisition d'un véhicule multifonctionnel pour le service de régie: | **60.000,00 €** |
| Participation au financement de l'agrandissement du centre de secours à Larochette – projet régional – devis global : 1.200.000 EUR | **40.500,00 €** |
| Maison relais à Schoos - transformation de l'ancienne école - travaux préliminaires: | **100.000,00 €** |
| Maison relais à Schoos - construction d'une annexe – travaux préliminaires: | **100.000,00 €** |
| Maison relais provisoire à Angelsberg: | **180.000,00 €** |
| Renouvellement du PAG – solde (devis total : 166.385,25 EUR ttc) | **32.471,07 €** |
| Réaménagement d'une partie du réseau de canalisation (eaux superficielles) près de la maison "Fischbach" à Angelsberg: | **12.000,00 €** |
| Sidero - Participation aux frais (étude : nouvelle station d'épuration à Fischbach, bassin de rétention à Schoos): | **27.967,03 €** |
| Réseau d'eau potable: dossier technique partie 2 - étude: | **10.000,00 €** |
| Réseau d'eau potable: 2e source d'approvisionnement - étude: | **50.000,00 €** |
| Création d'un réseau régional d'eau potable - étude: | **7.000,00 €** |
| Réseau d'eau potable: 2e source d'approvisionnement, Source Laangegronn: | **320.000,00 €** |
| Construction de la piste cyclable no 5 "de l'Ernz blanche" entre Soup et Koedange (part communale : 350.417,46 EUR - subventionné à 100% par l'Etat) | **100.000,00 €** |
| Transformation du presbytère d'Angelsberg en immeuble d'habitation: | **200.000,00 €** |
| Aménagement du chemin rural "Op Lewend" à Angelsberg: | **40.000,00 €** |
| Aménagement de la place du village à Angelsberg: | **130.000,00 €** |
| Aménagement de la rue Beringerberg à Angelsberg (part communal global : 350.000 EUR) | **100.000,00 €** |

*****

# Konferenz: "Euthanasie a Soins Palliatifs"-Ëm wat geet et?



Dr. Bernhard Thill

Auf Einladung des "Mierscher Lieshaus" referierte Dr. Bernard Thill, über das Thema "Euthanasie a Soins Palliatifs" vor einem gut gefüllten Saal im "Veräinshaus op der Héicht" in Schoos.

Dr. Thill ist onkologischer Internist und leitet die 1994 gegründete Palliativstation im „Centre hospitalier Emile Mayrisch“ in Esch/Alzette.

Nach der Begrüßungsansprache durch Bürgermeisterin Marianne Brosius-Kolber, klärte Herr Dr. Thill die aufmerksam zuhörenden Anwesenden über die Unterschiede der Palliativ-Pflege und der aktiven Sterbehilfe auf.

Text: Ren Spautz / Foto: d'Wort




# Soirée amicale

Freides, den 11. Januar 2008 hat de Schëffen- a Gemengerot vu Fëschbech op hir “Soirée amicale” an de Veräinsbau op Schous agelueden.

D’Buergermeeschtesch, d’Marianne Brosius-Kolber, konnt ausser den invitéierte Leit aus der Gemeng och en etlech Politiker aus den Nopeschgemenge begréissen. Si huet de Leit Merci gesot fir hiren Asaz am Déngscht vun der Gemeng.

Am Laf vum Owend ass d’Marie-Louise Haas-Erpelding an de Gast Bissen an déi wuelverdengte Pensioun verabschied ginn, an de Carlo Brosius huet vun der Buergermeeschtesch e Scheck fir 25 Joer am Déngscht vun eiser Gemeng iwwerreecht kritt.

Text: Ren Spautz / Fotoen: Frank Weyrich






# Fussballtournéier

| | | |
|---|---|---|
| Die 7 Zwerge | TEUFELSKICKER | 0-2 |
| DIE ACHT | MANCHESTER UNITED | 0-0 |
| MANCHESTER UNITED | Die 7 Zwerge | 0-4 |
| DIE ACHT | TEUFELSKICKER | 0-0 |
| Die 7 Zwerge | DIE ACHT | 2-0 |
| TEUFELSKICKER | MANCHESTER UNITED | 1-0 |



| | | |
|---|---|---|
| BUTZEN | SPILLSCHOUL | 2-0 |
| F.C. FIELS | F.C FESCHBECH | 3-0 |
| SPILLSCHOUL | BUTZEN | 0-2 |
| F.C FESCHBECH | F.C. FIELS | 1-2 |

| | | |
|---|---|---|
| FC ARANTIA | FC.Schaberlaberdingdong | 0-5 |
| FC BLO / WäISS BANANAS | BAD BOYS | X |
| RUPP CLUB SCHROTTGEIER | FC ARANTIA | 9-0 |
| FC.Schaberlaberdingdong | FC BLO / WäISS BANANAS | 1-1 |
| BAD BOYS | RUPP CLUB SCHROTTGEIER | X |
| FC ARANTIA | FC BLO / WäISS BANANAS | 1-7 |
| FC.Schaberlaberdingdong | RUPP CLUB SCHROTTGEIER | 0-1 |
| BAD BOYS | FC ARANTIA | X |
| FC BLO / WäISS BANANAS | RUPP CLUB SCHROTTGEIER | 0-1 |
| FC.Schaberlaberdingdong | BAD BOYS | X |











Fotoen: Marc Kolber/ Resultater: Jerry Kirtz

# Generalversammlung Gaart an Heem



Et war déi 45. Generalversammlung, zënter datt de Veräin besteet.
Vun den aktuelle 85 Memberen waren der 30 present.
De President huet bei senger Begréissung nieft de Memberen och de Gaaschtriedner häerzlech wëllkomm geheescht.
Dat war dëst Joer den H. Jeannot Lacourt, en engagéierte Fachberoder vun der Ligue vu Gaart an Heem.
Vun de Gemengenautoritéiten war d'Madame Buergermeeschter present.
Dës Generalversammlung stoung ënnert ganz besonnesche Virzeechen, well ausser dem President, waren nach 3 Comitésmemberen, no de Statuten, demissionnär, an hunn sech awer net méi gemellt fir erëm-gewielt ze ginn.
Duerfir huet de President bei der Begréissung nieft deenen übleche Floskelen, wéi se jo bei all Generalversammlung ze héiere sinn, ee ganz interessanten, awer kompriméierte Résumé gemaach iwwer déi 45 Joer Veräinsgeschicht.
De 25. Mäerz 1962 war d'Grëndungsversammlung vum Veräin mam ausdrécklechen Numm:
„Gaart an Heem Fëschbech- Schous“.
Den 1. President war den Häer Marcel Koedinger (†) deen l968 démissionéiert huet.
An der Generalversammlung vun 1969 gouf zu Recht décidéiert, fir och Membere vun Angelsbierg opzehuelen.
Et huet awer bis 1973 gedauert, bis offiziell rieds geet vun der neier Presidentin, der Madame Schmartz-Gansen , déi de Veräin bis 1982 présidéiert huet.
Vun do un bis Enn 2007 war den H. Charel Thilgen President.
1988 war de Gebuertsdatum vun dem ganz bekannte Schluechtfest, wat bis haut dem Veräin seng eenzeg Recette ass.
Vun der Grëndung bis haut waren och 3 Sekretären aktiv: den H. Michel Weis (†); d'Madame Denise Simon–Feck; an haut, d'Madame Sylvie Spiewack-Lorang.
Als Caissier hu geschafft: den H. Langers J.P.(†); d'Madame Marie-Renée Kolber- Gieffer; d'Madame Alice Trausch; an elo d'Madame Marie-Louise Haas–Erpelding.
De President huet awer och ausdrécklech insistéiert, fir alle Comités-a Veräinsmemberen, ouni Ausnahm, wéi och de Caisse-Kontrolleren merci ze soen, fir alles, wat si an Eenegkeet an an Harmonie am Déngscht vum Veräin zesumme geschafft hunn.
Ofschléissend gouwen dunn déi Comitésmembren ernimmt, déi wuel net méi disponibel sënn, fir erëm-gewielt ze ginn, ouni awer duerfir dem Veräin de Reck ze dréien.
Et sinn dat déi Hären:
Camille Kohn, während 12 Joer am Comité:
Charel Thilgen, während 25 Joer am Comité a President;
Roger Simon, während 38 Joer am Comité;
Paul Heinen, während 41 Joer am Comité.
Nodeem all aner Punkten vun der Dagesuerdnung erleedegt waren, huet de President dunn interessant Biller projezéiert iwwert sämtlech Gäert vun deene Leit, déi bei eiser éischter oppener Gaardepäertchen am Juni 2007 matgemach haten.
Déi „Gaardepäertchen“ war ee volle Succès.
Duerno huet den Här Jeannot Lacourt en héich interessant Referat gehalen, iwwert eng fachgerecht Düngung am Gaardebau.
Déi, déi nëtt do waren, hunn echt eppes verpasst!
De Konferenzler krut mat vill Applaus an engem passende Cadeau Merci gesot.
Uschléissend hunn och déi 4 Comitésmemberen ee Cadeau iwerreecht kritt.
No deem de President am Numm vum Comité dem Veräin och fir déi nächst 45 Joer all Guddes gewënscht huet, koum dee gemittlechen Deel, wéi et jo sou schéin heescht *„bei Kaffee und Kuchen“*
A propos „Kuchen“, et gouf e schéi garnéierte Bond vun éischter Qualitéit mam Wopen a mat der Schrëft : *45 Joer CTF*, alles aus Schokela versteet sech.
Keen eenzegt Stéck Bond a kee Buschtaf vun der Schrëft blouwe Rescht!
No muenchen „Pättercher an Häppercher“ a bei privatem Gepoters huet dës Generalversammlung dee gewinnte gemittlechen Ofschloss fond.




**De neie Comité:**
Presidentin: Marie-Louise Haas
Vize-Presidentin: Anne Jacobsen
Sekretärin: Sylvie Spiewak
Caissier: Marie-Louise Haas
Memberen: Marie-Anne Kauffmann, Alice Trausch, Christiane Kirtz

Text: Charel Thilgen / Fotoen: Mich Daehms




Fotoen: Marc Kolber



Angelsbierg



Angelsbierg



Angelsbierg



Angelsbierg

# Fettendonneschdeg Liichtmessdag Ouschteren



Schous



Fëschbech



Schous



Angelsbierg


Angelsbierg
Angelsbierg
Buergbrennen
Angelsbierg
Schous
Fëschbech
Fëschbech
Schous
Fëschbech

# Des Rätsels Lösung!

Die Siegerin des letzten Rätsels heißt Erika Kohn aus Fischbach. Sie hatte das nötige Losglück und die beiden richtigen Antworten:
1) Reineschkräiz, 2) Hirsch.
Ihr wurden kürzlich aus den Händen von Viktoria Valdimarsdottir von der Firma ViVa International Marketing aus Angelsberg, Anti-Aging Produkte im Wert von 150 € überreicht.



Wieder ist es uns gelungen, einen Sponsor zu finden. Nicola Senior, Eigentümerin von Gaardenkarisma hat uns einen Gutschein zum Besuch des **Restaurants "Alen Tuurm"** in Mersch im Wert von 125 € überlassen.
Gaardenkarisma steht für erstklassige Arbeit im Gartenbereich. Professioneller Rat, Kreativität, Baumschnitt, Umänderungen, Unterhaltsvertrag, Anlegen von kleinen Wegen und Mauern, nebst Kunst und Dekor, Gaardenkarisma bietet Ihnen alles aus einer Hand.




Deshalb wundert es nicht, dass beide Fragen zum Rätsel aus der Pflanzenwelt kommen.
Erste Frage: Wie lautet der Name dieser Blume?



Zweite Frage: Der Name dieses Strauches lautet:



Mitmachen darf jeder Einwohner unserer Gemeinde. Bitte die Lösung bis zum 29. Juni 2008, mit Name und Adresse auf eine Postkarte schreiben mit dem Vermerk: Des Rätsels Lösung und an folgende Adresse senden:
Commune de Fischbach
1, rue de l'Eglise,
L-7430 Fischbach
Dies alles können Sie auch als E-Mail senden an acfischbach.population@sdscom.lu

Text: Ren Spautz
Fotos: Frank Weyrich & Nicola Senior




# 4 L Trophy

## En Angelsbierger ënnerwee fir an Afrika

Wat mécht e Student, dee gär Rallye Paräis-Dakar spillt?

E sicht eng gutt Ursaach an e méiglechst bëllegen Auto. Well et e franséische Student ass hëlt en e gudden ale Renault R4 an als Ursaach hält e gudden Zweck hir: mir féiren aarme Kanner Schoulmaterial. Ee seet deem aneren et, an e puer Joer duerno get doraus den „4L Trophy“ (4L dovir well am Frankräich net R4 zum Auto gesot gëtt, mee 4L. Et gëtt jo och Leit di nie vu Francs geschwat hun mee vu Centimes).

Wat huet dat da mat onsem Gemengeblat ze dinn? Mee ganz einfach, den Trophy ass net nemme fir franséisch Studenten, mee zënter e puer Joer och fir all europäesch Studenten. A well mer hei an der Gemeng mindestens een hunn deen am Frankräich studéiert, sech fir Autoen intresséiert an am Trohpy matgemaach huet, liest dir haut dësen Artikel.

Et geet ëm de Malget's Patrick vun Angelsbierg. Hien a säi Kolleg, de Jacques Weydert, hu sech en Occasiounsauto beschaaft, deen du fir d'éischt emol huet misse „wüstefest“ gemaach ginn.





Den 11. Februar war et dunn esou wäit: gutt 600 Autoen hunn zu Paräis virum Stade de France den Départ geholl fir op Marrakesch, ënnert hinnen onse Patrick a säi Kolleeg, mat hirem frësch gesprëtzte rout-wäiss-bloe R4, pardon 4L.

Queesch duerch Frankräich ass et gaang an duerch Spuenien, wou dunn zu Madrid déi éischt vu villen Iwwerhëtzungen se geplot huet, oder besser de Motor vun hirem Auto.

Den drëtten Dag ass et moies an aller Herrgottsfréi ( 4 Auer moies) op d'Fähr vun Algeciras op Tanger am Maroc gaang an du ass et am Fong richteg lass gaang: iwwer Bierg an Dall, Strooss a Piste, Piste an hors Piste. Geschlof gouf a Schlofsäck ënner fräiem Himmel, giess gouf ëmmer datselwecht (weess ee wat Tagine ass?). Schliisslech konnt di ganz Caravane zu Merzouga all d'Schoulmaterial ofliwweren mat enger offizieller Zeremonie.



Duerno blouwen nach zwee Deeg bis op Marrakesch queesch duerch d'Bierger an d'Wüst, wou ons couragéiert Studenten frou waren nees eng richteg Dusch ze huelen an an engem richtege Bett kënnen ze schlofen. A wa Sandweiler gnädeg ass, da begéine mer dee faarwegen R4 vläicht och deemnächst tëschent Weyer, Kéideng an Angelsbierg.

Text: Frank Weyrich / Fotoen: Patrick a Jaques



## Compte-rendu de la réunion du conseil communal du 14 février 2008

Présents: M/Mme Brosius-Kolber, Braun, Karier, Kraus, Trausch, Spautz, Spiewak-Lorang

**Compte-rendu de la séance du 18 décembre 2008**
Approuvé à l'unanimité.
**PAG – servitude d'interdiction de lotissement et de construction : annulation de la décision du 18 septembre 2007**
Est annulée la décision du 18 septembre 2007 concernant l'introduction d'une servitude d'interdiction de lotissement et de construction frappant certains terrains dans les localités de Fischbach et Schoos pendant l'élaboration du nouveau PAG.

**Fixation des taux des impôts communaux pour 2009**
Impôt foncier
Sont fixés les taux de l'impôt foncier pour l'année 2009 comme suit:
1) impôt foncier A: propriétés agricoles et forestières: 320%
2) impôt foncier B: immeubles bâtis et non bâtis:
impôt foncier B1: constructions commerciales: 450%
impôt foncier B3: construction à usage mixte et places à bâtir 320%
impôt foncier B4: maisons unifamiliales, maison de rapport
et constructions à autre usage: 165%
Impôt commercial
Est fixé le taux de l'impôt commercial pour l'année 2009 à 300%.

**Adhésion des communes de Leudelange et Mamer au syndicat SIDERO**
Sont approuvées les délibérations des communes de Leudelange et Mamer concernant leur adhésion au syndicat SIDERO.

**Approbation du projet pour les travaux d'entretien annuel de la voirie rurale dans la commune de Fischbach pour l'exercice 2008**
Est approuvé le devis relatif aux travaux sous rubrique au montant de 14.500,00 EUR ttc, dressé le 26 novembre 2007 par l'Administration des Services Techniques de l'Agriculture de Grevenmacher, projet no 200294.

**Approbation provisoire du projet d'aménagement particulier au lieu-dit « auf dem Kreuzerberg » à Fischbach, sis « rue du Berger »**
Est approuvé provisoirement le projet d'aménagement particulier concernant des fonds situés à Fischbach, « rue du Berger », présenté par l'architecte Tatiana Fabeck pour le compte du Groupe Guy Rollinger S.A. (6 maisons jumelées).

**Approbation provisoire du projet d'aménagement particulier au lieu-dit « Hervel » à Schoos, sis « Laang Roepper »**
Est approuvé provisoirement le projet d'aménagement particulier concernant des fonds situés à Schoos au lieu-dit "Laang Roepper" (12 maisons), présenté par l'architecte Marco Thielen pour le compte de la société Neuhengen Constructions & UB Partners.

**Fixation d'une indemnité pour les services rendus lors de manifestations publiques**
Est fixée une indemnité de 8,00 EUR par heure et personne pour les services rendus lors de manifestations publiques. En vue du paiement de l'indemnité, les ayants droit présentent une demande écrite reprenant le nombre de personnes et heures prises en compte.

**Participation finançière en vue de l'organisation d'une randonnée VTT cantonale dans le cadre de la semaine de mobilité (septembre 2008)**
Est votée une participation financière au montant de 0,50 EUR par habitant en vue de l'organisation d'une randonnée VTT cantonale dans le le cadre de la semaine de mobilité (septembre 2008)

**Renouvellement partiel de l'Office social**
Le conseil communal :
accepte la démission du sieur Hubert KIES, demeurant à L-7410 Angelsberg, 12, rue de l'Eglise comme membre de l'Office social de la commune de Fischbach
nomme la dame Liliane BRAUN-BLESER, demeurant à L-6155 Weyer comme membre au sein de l'Office Social
nomme la dame Michèle SCHOLTES, demeurant à 10, rue de Schoos à L-7410 Angelsberg comme membre au sein de l'Office Social
nomme le sieur Charles THILGEN aux fonctions de président de l'Office Social

*****


# Rencontres Musicales de la Vallée de l'Alzette

## Concert zu Fëschbech

De 17. Februar war zu Fëschbech an der Kierch, am Kader vun de „Rencontres Musicales de la Vallée de l'Alzette", e Concert mat barocker Musek, interprétéiert vun „The Luxembourg Baroque Solists".
Um Programm stunge Wierker vu Vivaldi, Frescobaldi, Monteverdi a Scarlatti. Et haten sech och vill Leit zu Fëschbech getraff, fir dëse schéine Concert, deen ënnert dem Patronage vun der Gemeng Fëschbech stung, ze lauschteren.

Text a Fotoen: Dany Hermes







| Tag | Datum | Beginn | Wo | Veranstaltung | Info |
|---|---|---|---|---|---|
| Wochenende | 26.4./27.4. | 10-17/10-13 | Lieshaus | SCHREIBWERKSTATT | WALLY-DIFFERDING „April, April – wer weiß schon was er will?" → 50 € * |
| Donnerstag | 08.05. | | Lieshaus/Kulturhaus | FESTIVITEES 2 JOER LIESHAUS | Actiounen, Éierewäin |
| Dienstag | 20.05. | 18 Uhr | Lieshaus | VERNISSAGE | Art à l'école Mersch lädt ein zur Besichtigung der von Schülern gefertigten Kunstgegenstände/Ehrenwein |
| | 21.05.-30.06. | Öffnungszeiten | Lieshaus | AUSSTELLUNG | Siehe Vernissage |
| Wochenende | 24.5./25.5. | 10-17/10-13 | Rollingen, Vereinshaus | WORKSHOP | Jessica HERNANDEZ: „Clowning: Narrenfreiheit - eine Reise zum inneren Clown" * → 55 € |
| Sonntag | 29.06. | 10-18 Uhr | Vor dem Lieshaus | BICHERFLOUMAART | BRADERIE Mersch |

# Neu im Bestand – *Nouveautés*:

## Richard D. Precht: Wer bin ich?




"Fragen zu stellen ist eine Fähigkeit, die man nie verlernen sollte." (Richard David Precht)

Eine faszinierende Reise in die Welt der Philosophie - Richard David Prechts Buch bietet Antworten auf die großen Fragen des Lebens

Was ist Wahrheit? Woher weiß ich, wer ich bin? Warum soll ich gut sein? Bücher über Philosophie gibt es viele. Doch Richard David Prechts Buch "Wer bin ich?" ist anders als alle anderen Einführungen. Niemand zuvor hat den Leser so kenntnisreich und kompetent und zugleich so spielerisch und elegant an die großen philosophischen Fragen des Lebens herangeführt. Ein einzigartiger Pfad durch die schier unüberschaubare Fülle unseres Wissens über den Menschen. Von der Hirnforschung über die Psychologie zur Philosophie bringt Precht uns dabei auf den allerneusten Stand. Wie ein Puzzle setzt sich das erstaunliche Bild zusammen, das die Wissenschaften heute vom Menschen zeichnen. Eine aufregende Entdeckungsreise zu uns selbst: Klug, humorvoll und unterhaltsam

## Sebastian Fitzek, Das Kind




Robert Stern wird in ein perfides Spiel hineingezogen: Zehn Jahre ist es her, dass sein Sohn an plötzlichem Kindstod starb. Jetzt erfährt er, dass er noch leben könnte, und gleichzeitig führt ihn ein mysteriöser Junge auf die Spur eines lange vergangenen Mordes...

Fitzek hat mit dem Tod eines Kindes und dem damit verbundenen Trauma ein heikles Thema gewählt, das notwendigerweise einen schwierigen Balanceakt darstellt. Das Abgleiten ins Banale, klischeehafte Rollenzuweisungen und die serielle Produktion "großer Gefühle" vermag er zu vermeiden. Er setzt dagegen auf überzeugende Charaktere, hohes Tempo und nicht zuletzt eine gute Portion "Mystery", etwa wenn es um die "Rückführung" seines zehnjährigen Mandanten in sein früheres Leben geht. So jagt uns Sebastian Fitzek zusammen mit Robert Stern, der Freundin Carina und dem kleinen Simon durch die deutsche Hauptstadt und zeigt uns eine düstere Halbwelt jenseits der Machtzentralen, in der mit Missbrauch und Prostitution das große Geld gemacht wird.

## Erik Fosnes Hansen, Das Löwenmädchen




Der neue Erik Fosnes Hansen ein Meisterwerk wie »Choral am Ende der Reise«. Erik Fosnes Hansen erzählt mit großem Einfühlungsvermögen und beeindruckender poetischer Kraft von einer Außenseiterin, die sich gegen Vorurteile und Ausgrenzung durchsetzt. Ein Roman, geschrieben in einer Sprache, die sich sofort in Bilder und Gefühle überträgt. Am 13.12.1912 kommt in einem kleinen Dorf in Norwegen ein Kind zur Welt, das über und über mit feinem, hellblondem Haar bedeckt ist. Die Mutter stirbt bei der Geburt, und der Vater, Stationsmeister Arctander, ein harter und pflichtbewusster Mann, will zunächst nichts von seiner Tochter wissen. Eva leidet an einer seltenen Krankheit, einem Gendefekt, durch den ihr ganzer Körper mit langen Haaren bedeckt ist. Ein interessanter Fall für die Wissenschaft, doch zunächst ein Problem für Stationsmeister Arctander und eine Handvoll Eingeweihter, die sich um das Baby sorgen. Arctander, in tiefer Trauer um seine geliebte Frau, ekelt und schämt sich, und das Kind wird versteckt. Gleichwohl verbreitet sich die Kunde des seltsamen Mädchens wie ein Lauffeuer im Dorf. Eine Amme wird gefunden, die sich liebevoll kümmert, und auch Apothekerin Birgerson und der Arzt Dr. Levin stehen dem Kind zur Seite. So wird Eva größer: Abgeschottet von den neugierigen Blicken der Dorfbewohner und ohne Kontakt nach draußen schafft sie sich eine eigene Welt, bis sie, zunächst schüchtern, doch dann mit großer Durchsetzungskraft, der Enge ihres Zimmers immer mehr entflieht. »Alle Fans von Erik Fosnes Hansen können sich auf ein fesselndes, wunderbares Leseerlebnis freuen.«

Info: 26 32 21 13
Mierscher Lieshaus
Lieshaus - D'Loscht um Liesen

# Bürgerinformationsabend

Am 20. Februar 2008 lud der Schöffenrat aus unserer Gemeinde zu seinem Bürgerinformationsabend ein.
Der große Saal im Vereinshaus "op der Héicht" war, so wie auch schon die Jahre vorher, mehr als gut gefüllt. Es besteht demnach ein reges Interesse seitens der Gemeindeeinwohner, Informationen aus erster Hand zu bekommen.
Bürgermeisterin Marianne Brosius-Kolber begrüßte die Anwesenden und stellte ihre Gäste an diesem Abend vor: Philippe Colbach vom Wasserwirtschaftsamt und Joop Verhagen von "GeoConseil".
Der anschließende Vortrag von Philippe Colbach behandelte die Wasserversorgung unseres Landes besonders die unserer Gemeinde.
Fischbach sei eine sogenannte Selbstversorger-Gemeinde in Sachen Trinkwasser. Durch das eigene Wasserreservoir und der Erfassung der Quelle "Derbicht" ist der Bedarf der Bevölkerung gedeckt und es bedarf keines Anschlusses an das nationale SEBES-Netz.
Mit den Nachbargemeinden Fels und Nommern ist ein gemeinsames Wassernetz in Planung. Desweiteren sei die Gemeinde Fischbach dabei die Quelle "Laangegronn" zu erfassen, so Joop Verhagen von "GeoConseil", wo erste Analysen die hervorragende Qualität dieser Quelle bestätigen.
Nach diesem interessanten Vortrag war es Marianne Brosius-Kolber, die über die Auffangstrukturen in unserer Gemeinde aufklärte: Eine provisorische "Maison relais" wird in der Schule von Angelsberg amenagiert, bis dieselbe in Schoos definitiv fertig gestellt ist. Die Räumlichkeiten in Angelsberg werden dann als zusätzliche Schulsäle genutzt, so die Bürgermeisterin.
Ab dem Schuljahr 2008/2009 wird der Samstag schulfrei sein.
Dann erläuterte die Bürgermeisterin das Thema Fusion. Sie berichtete über den Fortgang der Gespräche mit dem Schöffenrat aus Fels. Man werde sich monatlich treffen, um so schnellstens Gemeinsamkeiten auszuloten und zu einem für beide Gemeinden annehmbaren Kompromiss zu gelangen.
Der Bevölkerung wird es per Referendum möglich sein ihre Meinung hierzu auszudrücken.
Nächster Punkt war der Bau eines Schwimmbades in Fels, das hauptsächlich den Schulklassen dienen soll. Die Fertigstellung sei für das Schuljahr 2011/2012 vorgesehen.
Letzter Punkt war die Vorstellung der neuen Homepage der Gemeindeverwaltung.
Mit einem von der Gemeinde offerierten "Patt" fand der Bürgerinformationsabend sein Ende.

Text: Ren Spautz / Fotos: Marc Kolber







# D'Bom schléit zou!

## Theaterveräin Angsber-Fëschbech-Schous





Kee Wonner, dass esou een Titel vill Leit unzitt an awer ass et eleng domat nach laang net gedoen e puer flott Owender ze präsentéieren. E gutt „Stéck“ ass zwar eng Grondviraussetzung fir Theater ze spillen, mee ouni dat virdrun an duerno gëtt et sécher näischt.

Fir dass Duerfleit an déi vu ronderëm eppes ze laache kréien, muss nawell anstänneg geschafft ginn. Ugefaangen gëtt mat der Reservatioun vum Sall an der Bühn: hei ass Prévisioun gefrot! Duerfir hu mir de richtege Mann! Op der Generalversammlung gëtt bei engem gudden Iessen d'Rolleverdeelung gemaach. Och ee Regisseur ass néideg an dat ass nach laang keng einfach Charge, oder Triny?!



Enn Oktober ass dann déi éischt Liesprouf, wou eraus séier déi éischt Spillprouf op eiser nach plakeger Bühn gëtt. Dëscher a Still simuléieren d'Requisiten. Säit fir Säit gëtt sech duerch dat neit Buch gekämpft. Laang Owender a schwéier Passagen musse gepackt ginn, heiansdo läit och alt emol de Rimm erof. De Regisseur kritt gro Hoer, d'Souffleusen mengen, si wiren an engem anere Stéck an op eemol seet een „A 14 Deeg spille mir!!“





Äifreg gëtt schonn zanter Wochen un der Bühn gebastelt, hei gëtt gutt a vill Aarbecht geleescht! D'Flyere ginn an allen Nopeschgemenge verdeelt. D'Comptoiren an d'Kiche ginn organiséiert an d'Chargë fir d'Memberen verdeelt. D'Technik an d'Luuchten mussen ofgestëmmt ginn. Podiume gi bei der Nopeschgemeng geléint a mussen opgeriicht ginn, fir dass och déi ganz hannen alles gesinn! D'Acteure musse geschminkt ginn. D'Tombola gëtt organiséiert, virun an no all Virstellung muss gebotzt a geraumt an natierlech e bësse gefeiert ginn!
Dann d'Generalprouf: du mengs et kéint net sinn, eigentlech wär jo nach esou vill ze dinn. Zwee Deeg drop ass d'Uspanung grouss, hannert der Bühn trëppelen se vun engem op deen anere Fouss. Sou, et schellt fir d'drëtt a schonn geet de Rideau op an der Mëtt.



Véier Virstellunge méi spéit ass et da schonn erëm eriwwer. Schued, grad wousste mer den Text esou richteg! D'Luuchte ginn aus, de Rideau geet zou. Irgendwéi ass een dann awer frou, a freet sech trotzdeem schonn erëm op dat nächst Joer.

Ouni d'Mathëllef vun all Member, dem Sall vun der Gemeng an natierlech eisem treie Publikum wär et onméiglech, eng Traditioun wéi den Duerftheater an der Fëschber Gemeng um Liewen ze halen an dat soll nach laang esou bleiwen!



Ah jo, nach ee grousse Merci deenen 902 Leit, déi eis déi 4 Owender ënnerstëtzt hunn!
Rideau zou a bis d'nächst Joer!

Text a Fotoen: Frank Daems











# Maison Relais & Précoce ab September in unserer Gemeinde

Die Umbauarbeiten in der Angelsberger Schule gehen zügig voran. Zum Jahreswechsel 2007/2008 wurde die Entscheidung getroffen, dass die Kinder aus der Gemeinde Fischbach ihr eigenes Précoce und ihre Maison Relais bekommen sollen und die Arbeiten liegen laut Romain Beckers, Techniker unserer Gemeinde, gut im Zeitplan.

Im Februar hatten unsere Gemeindearbeiter schon einige Vorarbeiten im bisherigen Préau geleistet. Bis Mitte April waren die elektrischen Leitungen gezogen, die Mauern gebaut, die Heizkörper installiert, der Estrich gegossen, die Fußbodenheizung verlegt.

Als Nächstes werden bis zu den Pfingstferien Arbeiten im Heizungskeller vorgenommen und die Gipsarbeiten durchgeführt. Danach werden bis zu den Sommerferien die Fenster eingebaut, der Boden verlegt und die verschiedenen Malerarbeiten durchgeführt.

In den Sommerferien schlussendlich werden alle restlichen Arbeiten vorgenommen, so dass die pünktliche Einweihung am 15. September 2008 aus heutiger Sicht stattfinden kann.

Es war den Verantwortlichen von Anfang an ein großes Anliegen, dass die Arbeiten, die großen Lärm verursachen, in den Ferien oder außerhalb der Schulstunden durchgeführt werden, und es scheint ihnen durchaus zu gelingen.

Text: Andrea Wagner / Fotos: Frank Weyrich



# Jugendpompjeeën Kanton Miersch



E Weekend fir d'Jugendpompjeeën aus dem Kanton Miersch mat Spill, Spaass a villen Asätz hu mir de 15. an 16. Mäerz an der Gemeng Fëschbech erlieft.
(Dëse Weekend ass den Ersatz vun der Liichtmessfeier vun den Jugendpompjeeën aus dem Kanton Miersch, a soll et deenën Jonken erlaben, während 2 Deeg e bëssen de Pompjeesalldag ze erliewen.)
Wéi mir eis samsdes moies zu Schous op der Héicht getraff hunn, ware mir voller Erwaardung, wat dësen éischte Kantonale Jugendweekend sollt bréngen.
70 Jugendpompjeeën an hir Moniteuren hu samsdes moies zu Schous am Veräinshaus hiren Dingscht ugetrueden.
No enger kuerzer Begréissung an Aweisung ass et zimlech séier mat deenen eenzelnen Aktivitéiten lass gaangen. Um gutt gefëllte Programm stoungen 8 verschidden Aktivéiten.
Am Pompjeesbau goufen di Jonk geléiert, mat der Kaart a mamm Kompass sech ze orientéieren, am Haff gouf de Foussdingscht erkläert a praktizéiert.
Zu Schous bei der Spillschoul do huet en Déier aus dem Bam misste gerett ginn. Heibäi gouf nieft dem Ëmgang mat Leederen an de Kniet och d'Verhalen an d'Geforen an esou Situatiounen opgekläert.
Am Haff vun der Spillschoul hunn di eenzel Equippë ganz realistesch um Feiersimulator kënnen üben, wéi ee mat enger Kiwwelsprëtz e Brand läscht, oder wéi geféierlech eng Fettexplosioun ka sinn. Impressionnant war och d'Explosioun vun


enger Spraydous ënnert dem Afloss vun der Hëtzt.



Zu Fëschbech hunn d'Leit net schlecht gestaunt, wéi op eemol Pomjeesautoe mat Bloluucht a Siren op d'Weiere gefuer sinn. Di Jugendlech hate gemellt kritt, dass do de Bësch géing brennen. Si hu mat dem Pompjeescamion d'Wasserversuergung aus der Baach missten opbauen, an dann d'Feier am Bësch misse läschen.
Am ale Veräinsbau zu Fëschbech, gouf erkläert, wéi een sech an engem däischteren Haus orientéiert, wéi eng Geforen do op ee kënne laueren a wéi een am Däischteren eng Persoun sicht.
A Gruppen vun 8 hunn di Jugendlech de ganze Samsdeg iwwer déi verschidden Aufgabe gemeeschtert.
Well mir fir sonndes Reen gefaart hunn, huet de Robi geroden, fir den Orientéirungsmarsch, deen eigentlech sonndes sollt sinn, op samsdes mëttes ze verleeën.
Heibäi goung et drëms, de geléierten Ëmgang mat der Kaart, mam Kompass a mam Réimer ënner Beweis ze stellen. 6 Weeër aus ënnerschiddleche Richtungen, mam Zil d'Veräinshaus zu Schous si präparéiert gewiescht.
Alles an allem ware mëttes 90 Leit am Asaz an d'Kichenéquipe „beim Schullesch Heng" huet hiert Meescht an hiert Bescht gemaach, fir jidferengem säi Wonsch ze erfëllen.



Nodeems mëttes d'Aktivitéiten fäerdeg waren, an all d'Equipe vum Orientéirungsmarsch zereck fonnt haten ass et owes op der PlayBackShow nach eng Kéier sou richteg lass gaangen. Sangen ass zwar net jidferengem senges, mee de Spaass war garantéiert, et war fir jidfereen eppes derbai.
An der Jury soutzen den Henri Schuller, Kantonalpräsident, d'Madame Buergermeeschter an den Här Tim, Dirigent vun der Fielser Musek. No der Präisiwwerreechung ass et dunn an d'Feldbetter gaangen.



Wéi mir moies no enger kuerzer Nuecht erwächt sinn, hu mir misse feststellen, dass

d'Wieder et effektiv net su gutt gemengt huet mat äis. Dobausse konnte mir eise Programm also net weiderféieren. Mir Pompjeeë sinn zwar eigentlech net waasserschei, mee vue dass mir mëttes Rendez-Vous hate bei S.A.R. Grand Duc Jean am Parc, an di Lëntgener Jugendleeder owes bal 70 Uniformë gewäsch haten, wollte mir déi net rëm knaschteg man. Dofir hu mir dunn Atelieren am Bau organiséiert, wou et ëm Geschécklechkeet, Sport, éischt Hëllef a Pompjeeswiese gaangen ass.
Nom Mëttegiessen ass d'Spannung geklommen, jidfereen huet versicht, sech su gutt wéi méiglech op den Défilé beim Grand-Duc ze präparéieren. Séier nach e puer wichteg Rotschléi, e puer Uweisungen a schonn si mer bei de Grand-Duc gefuer.
Leider huet et grad dunn ugefaange wéi aus Eemeren ze schédden. Zoppnaass stounge mir virun S.A.R. Grand-Duc Jean an der Buergermeeschtesch Marianne Brosius an hunn hinnen e klengen Cado iwwerreecht.



Zu Fouss si mir duerno duerch d'Niklosgaass zeréck bei de Parking marschéiert. Vu Schous aus ass et dunn direkt heemgaangen.
Zeréck bliwwen ass d'Erënnerung un e super Weekend, wou mir vill geléiert an erlieft hunn.
Mir wëllen heimat nach eng Kéier alleguerten deenen, déi eng Hand mat ugepakt hunn Merci soen, besonnesch dem Grand-Duc Jean, dass hien eis empfaangen huet.



Der Gemeng Fëschbech, dass mir d'Veräinshaus zur Verfügung gestallt kruten an dass si äis eng kräfteg Hand mat ugepakt hu beim Botzen.
An zu gudder Läscht der Protection Civile Lëntgen, déi äis Feldbetter an de Feiersimulator zur Verfügung gestallt hunn.
Ze erwähnen wier allerhéchstens nach ee blot A an e puer Eeër, déi nuets am Frigo d'Faarf changéiert hunn, mee et kann een deene Jugendlechen jo net ëmmer un allem d'Schold ginn.




Text: Paul Daems / Fotoen: Luss Brosius

# Porfest

E Sonndeg, den 20. Juli 2008 organiséieren d'Choralë vun Angelsbierg a Fëschbech fir d'éischt zesummen dat traditionnelt Porfest zu Schous op der Héicht.
Em 10:30 Auer séngt d'Chorale vu Feelen zu Angelsbierg d'Mass, duerno gëtt vun 12 Auer un zu Schous d'Mëttegiessen zervéiert.
Mëttes um 15 Auer suergt déi Hieffenecher Big Band fir gutt Stëmmung.
Dir sidd alleguer häerzlech invitéiert dobäi ze sinn. En Deel vum Erléis geet wéi gewinnt un e gutt Wierk.

Text: Chantal Conrad / Fotoen: Ren Spautz
Oktavie Peiffer



*****

# Christian Molitor



Christian Molitor, Läufer im gelben Trikot

Nach dem Gosseldinger Tunnellauf über 5 km, bei dem der in Angelsberg wohnende Christian Molitor als Sieger hervorging, konnte der junge Läufer am 5. April 2008 bei der “Tour de Dudelange” erneut seine Klasse zeigen und lief in der Zeit von 32’ 28” als erster über die Ziellinie. Dabei brachte er das Kunststück fertig, Läufer wie Patrick Lenertz, Uwe Hartmann oder einen Paulo Goncalves hinter sich zulassen. Wir gratulieren.

Text: Ren Spautz / Foto: Manon Mentgen

# Generalversammlung vun der Entente Gemeng Fëschbech



Den 13.Mäerz 2008 war d'Generalversammlung vun der Entente vun de Veräiner aus der Gemeng Fëschbech.
No enger kuerzer Usprooch vum President Roger WIRTZ, huet de Sekretär Marco KARIER den Aktivitéitsrapport gemaach :
ë.a.: Service um Virowend vum Nationalfeierdag,
Grillen a Kichen zu Iechternach fir RUN FOR FUN a Marathon,
Organisatioun Trëppeltour.
Duerno huet de Keessier Roland MINY d'Keess virgedroen, déi mat Recettë vun 3.229,64 € an Dépensen vun 4.597,31 € mat 1.367,67 € am Keller ass, awer mat dem Boni vum leschte Joer mat 16.844,65 € ofschléisst.
Am Numm vun de Keessereviseuren, DAEMS Misch, KOHN Camille, ZUIDBERG René, huet de Camille KOHN d'Entlaaschtung vum Keessier duerch Akklamatioun gefrot.
De Mike DAEMS huet fir seng vill Aarbecht als Gérant vum Gedrénks am Veräinshaus eng Corbeille iwwerreecht kritt. Hien huet festgestallt, datt d'lescht Joer 3.930 Liter (2006 = 4.590 Liter) Béier vum Fass gezaapt gi sinn.
Vun 2005 bis 2007 sinn am Ganzen 37.875 Glieser Béier konsuméiert ginn.
Mat enger fräier Ausssprooch an etleche Glieser Béier ass dës Versammlung ausgeklongen.

Text: Rol Miny / Fotoen: Andrea Wagner



Abflussreiniger, Akkus, Allzweckreiniger, Farben, Folien, Lacke, Altfette, Glas, Glasflaschen, Plastikflaschen, Kanister, Reifen, Becher, Dosen, Aluschalen, Babywindeln, Damenbinden, Bauschutt, Bettroste, Blechdosen, Bücher, Hefte, PC-Monitore, PC's, Fernseher, Satelittenschüsseln, Receiver, Videorekorder, Dachpappe, Draht, Einwegblumentöpfe, Eternit, Fahrräder, Farbeimer, Fliesen, Gartenabfälle, Gartenmöbel, Gipskartonplatten, Präservative, Hartschaumplatten, Joghurtbecher, Video- und Musikkassetten, Kinderspielzeug, Kleidung, Knochenreste, Koffer, Leuchtstoffröhren, Glühlampen, Matratzen, Tetrapack, Paletten, Pappe, Schuhe, Polstermöbel, Spanplatten, Speiseöle, Motorenöle, Spiegel, Spraydosen, Teppiche, Stühle, Tische, Wellpappe, Zigarettenkippen.

Text: Ren Spautz / Fotos: Marc Kolber, Georges Brosius, Ren Spautz

Am 5. April fand die diesjährige "Grouss Botz" statt. Wiederum nahmen sehr viele Einwohner unserer Gemeinde daran teil und wiederum sammelten sie sehr viel ein.
Als Dankeschön an die vielen freiwilligen Helfer bot die Gemeinde am Abend im Veräinshaus op der Héicht Ham, Fritten an Zalot an.







# Grouss Botz



# Kommiounsfeier



Néng Kanner hunn dëst Joer zu Fëschbech hir éischt Kommioun gefeiert. Et sinn dat:

d'Myrthe Beugels, den David Blum, de Kevin Canelha, d'Nathalie Fernandes, den Eric Karier, d'Noémie Keiffer, den Tim Kolber, de Fabio Santos an den Alexandre Vilela.

D'Thema vun der Kommioun 2008 war „d'Liicht vum Liewen".
E puer vun den Elteren hunn d'Kanner am Kommiounsunterricht begleet, an zwar d'Mme Rippinger, d'Mme Fernandes, d'Mme Schwindenhammer, d'Mme Vilela, d'Mme Canelha an den Här Santos.
An esou wéi déi Jore virdrunn, hunn d'Kanner och dëst Joer op géigesäiteg Kadoë verzicht zu Gonschte vum Kannerduerf Miersch.

Text a Foto vum Dany Hermes